



INFO-KAD:

Email: info@kad.lu

Tel: 23 63 97 18

(Lou Anzia-Ney)

« Herr, wir stehen vor einem neuen Anfang...! »

Léif Memberen,

Am Leitartikel vum Parbréif N6/2019 stoung zum Schluss ee Gebiet, wat geduecht war, äis am Vertrauen u Gott an d'neit Joer ze féieren, mat ville gudde Wënsch.

Et ass ee besonnescht Gebiet, wat de 16. Mäerz 2020 fir eist d'Land, a wäit doriwwer eraus, eng ganz nei Bedeitung krut, gedroe vu Courage an Zouversiicht, an enger PANDEMIE-Zäit, wéi nach kee vun äis se jee erlieft hat.

An dësen onrouege Méint, wou mir als Chrëschten e.a.op eis gemeinsam Eucharistiefier hu musse verzichten, a schéinen an och familiären traurege Momenter, ass äis bewosst ginn, dass d'Kierch am Duerf eng Plaz ass, wou mir normalerweis eng Gemeinschaft kënnen erliewen, déi äis dréit duerch all Wochendeeg voller Iwwerraschungen, Suergen, Freedem an och traurege Stonnen. Et huet eppes gefeelt.

Mam Gebiet aus der Adventszäit 2019 kënne mir awer elo, matten am Joer 2020, ouni Angscht, eleng an och zesummen, een neien Ufank woen:

*Herr, wir stehen vor einem neuen Anfang,
was wir hinter uns lassen müssen, wissen wir noch nicht genau,
was die Zukunft uns bereithält,
auf welche Änderungen wir uns einstellen müssen,
können wir nur ahnen.*

*Du hast Menschen immer wieder neue Wege gehen lassen,
sie aus dem Vertrauten weggeführt,
ihnen den Aufbruch zugemutet.*

*Führe du auch uns. Gib uns Kraft und Mut,
die Schritte zu gehen, die notwendig sind,
miteinander und mit dir.*

*Schenke uns das Vertrauen, das dein Geist uns leitet,
heute und alle Tage. Amen (Gebet: Tobias Speck)*

Léif Frënn, eng Rei kierchlech Fester hu mir iwwer d'Medie konnte „materliwen“, doheem an der Stuff. Besonnesch d'Oktav war fir gleeweg Lëtzebuerger ee Moment wou si et schwéier haten, wou si verlaangert hunn. Dëst gëllt och fir d'Fatimafeier zu Wolz. Als asbl „Kierch am Duerf“ hu mir lech all invitéiert, virun d'Muttergottes an eisen Duerfkierchen ze trieden, fir hir do, wéi och am Rousekranzgebiet doheem, eist Versprieche vun Trei ze bezeien. Haut soe mir eise Membere Merci. Et ass eppes Bemierkenswäertes geschitt an eise Kierchen: Blumme, Käerzen, Biller a gemoolte Steng vun eise Kanner hu bewisen, dass et eng Beweegung gouf, ee wierkleche Wëllen, der Muttergottes no ze sinn, am stëlle Gebiet virum Altar an an der Präsenz bei de Massen a Vesperen an der Kathedral iwwer „Livestream“. Et gouf och zesumme geschwat iwwer dëst Oktav-Empfannen, vläicht méi wéi jee virun.

Dat gëtt äis Zouversicht : **„Léif Mamm am Himmel, bleif bei äis !“.**

„Herr, wir stehen vor einem neuen Anfang, schenke uns das Vertrauen, dass dein Geist uns leitet, heute und alle Tage. Amen“.

Wéi geet et virun?

Et läit een neit Parlat an eise Kierche, wou Dir de genauen Oflaf vun den Zeremonien an eise Kierchegebaier kënnt noliessen. Dat selwecht kann ee maachen iwwer www.cathol.lu.

Fir eis Memberen bis elo schonns dat hei:

Famille kënne beieneen setzen, déi aner mat Ofstand. Et muss ee vir eran an eraus seng Mask undinn. Et kann een sech nëmmen an der Woch virun fir eng Mass umellen. Tel 23 62 10 53 (am beschte moies)

Zu Réiden ass ëmmer Sonndes owes eng Mass um 18.30 Auer.

Zu Useldeng ass déi éischt Mass Sonndes.de 5. Juli um 10.30 Auer.

Zu Useldeng sinn 32 Plaze méiglech an et muss een sech an der Woch virun umellen.

Déi zweet Mass zu Useldeng, Sonndes, den 12. Juli um 10,30 Auer.

Sie gëllt als Donatusfeier/Kiermesmass an als 1. Joermass fir Mme Anna Barthelemy-Reding.

All weider gewinnte Feieren an eiser Gemeng si bis op Weideres ofgesot.

Fir all aner Familljefeier ze organiséieren, oder eventuell Massen ze bestellen soll een sech mam Parbüro a Verbindung setzen. Tel: 23 62 10 53.

D'Kommioun fir d'Kanner aus eiser Gemeng fënnt statt Sonndes, den 11. Oktober.

Fir d'Firmung feelen äis am Moment nach Detailer.

Eis Kierchen zu Useldeng an lewerleng sinn all Dag op !

Nationalfeierdag

Fir den Nationalfeierdag wäerte mir eis Kierche schéi rëschten. Fir ee perséinlecht Gebiet fir eise Grand-Duc a fir all Familljen an eiser Heemecht an dëser wirtschaftlech a sozial onsécherer Zäit, ass ëmmer Plaz virum Altar. Genéiert lech net, dohin ze goen. Zu Useldeng an zu lewerleng leien d'Texter vun der Mass vum Dag fir lech prett.

KAD-Kannerbegleedung

Eis KAD-Kannerbegleedung invitéiert lech ganz häerzlech, am Gebiet virun der Lourdes-Muttergottesstatue zu Rippweiler an der Grott néierzeknéien an do och déi vill farweg Steng ze bewonneren, déi vun eise Kanner fir d'Muttergottes während der Oktav gemolt gi waren. Dës Aktioun geet weider bis zum 15. August. Bréngt Äer Steng w.e.gl. bei d'Grott op Rippweiler. Merci alle Kanner, déi matmachen.

Merci alle Kanner, déi bis ewell matgemaach hunn.



D'Aktioun ass nach net afgeschloss. Kanner kenne gären nach weider bemolte Steng bei d'Grotte bréngen.

COTISATIOUN 2020

Aus de bekannte Grënn ass et äis nach net méiglech, eise Memberbeitrag 2020 (10 €) bei lech heem ophiewen ze kommen. Duerfir hei eis Kontosnummer fir all Memberen déi nach net bezuelt hunn:

CCRA: LU14 0099 7800 0053 7126 MERCI !